LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 23 juillet 2020

REÇU
Par Alff Christian , 10:58, 23/07/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2404 du 16 juin 2020 de l'honorable Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire n°2404.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

66 Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°2404 vum 16. Juni 2020 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer d'Reouverture vun de sportsmedezineschen Zentren

Nodeems d'Aktivitéiten an de "Centres médico-sportifs" am Kader vun der Lutte géint de COVID-19, aus verständleche Grënn, suspendéiert goufen, sinn déi sportsmedezinesch Kontrollen elo rëm zum Deel ugelaf.

An enger éischter Phas, déi vum 13. Juli bis den 11. September 2020 geet, hunn d'Sportler d'Geleeënheet a véier regionalen Zentren (Lëtzebuerg (INS), Esch, Gréiwemaacher a Miersch) an an zwou Dokteschpraxissen (Ëlwen a Wolz) sech engem sportsmedezineschen Examen ze stellen, fir eng Lizenz vun der jeeweileger Sportsfederatioun ze kréien.

D'Ënnersichunge gi selbstverständlech no den aktuelle Sécherheets- an Hygiènesreegelen duerchgefouert.

Am Kader vun de Mesurë géint de COVID-19, hat d'Regierung schonn de 24. Abrëll 2020, dat bis dohi besteeënd groussherzoglecht Reglement vum 23. Dezember 2016, betreffend déi obligatoresch sportsmedezinesch Examen, am deem Sënn geännert, datt déi periodesch Examen, déi eigentlech bis den 31. Dezember 2020 hätte misse gemaach ginn, automatesch ëm ee Joer verlängert gi sinn. Dëst fir datt bei der Reouverture vun den Zentren, d'Sportler fir eng nei Lizenz eng gewësse Prioritéit hunn.

All dëst ass de Federatioune per Circulaire matgedeelt ginn. Iwwer déi deelweis Reouverture vun de sportsmedezineschen Exame säit dem 13. Juli 2020, sinn d'Allgemengheet per Pressecommuniqué an d'Federatiounen per Circulaire de 7. Juli 2020 informéiert ginn.

Ervirzehiewe bleift dann nach, datt d'Rendez-vouse fir an dës sportsmedezinesch Examen am Sportsministère zentraliséiert sinn, ënnert folgenden Telefonsnummeren: 247-83413 / 247-83446 / 247-83464 / 247-83485, an dëst zwëschen 8 an 17 Auer.